Jonk Sozialiste
Lëtzebuerg
JS

68, Rue de Gasperich
L-1617 Luxembourg
e-mail: info@jsl.lu

yokographics.lu

Eise ganze Programm fënns
de op eisem Site **www.jsl.lu**

/Jeunesses.Socialistes.Luxembourgeoises

@Jsl.Lu

## Demokratie, Rechtsstaat, Gouvernance

- Verwaltungsréit an Nieweverdéngschter vun de Politiker opweisen.
- Schutz vu Whistleblower wann se illegal Praktiken opdecken.
- Dateschutz vun de Bierger stäerken.
- « Hatespeech » am Internet bekämpfen.
- Congésdeeg erhéije fir dass Leit sech an den ONGen kënnen engagéieren
- Legaliséierung vum Cannabis ënner staatlecher Kontroll.
- Bekämpfung vum Ämtercumul a Vollzäitbuergermeeschteren aféieren.






## Educatioun, Recherche an Héichschoulbildung

- De Budget vum FNR fir Doktoranden eropsetzen an un hir Besoinen upassen.
- Keng Budgetskierzunge bei der Fuerschung - a kenge Beräicher.
- Lëtzebuerg zum Fuerschungsstanduert fir nohalteg Entwécklung ausbauen.
- Dem Conseil universitaire méi Pouvoir ginn an am Conseil de gouvernance och e Vertrieder vun der Zivilgesellschaft zouloossen.
- Schoulbicher an zwou Sprochen (franséisch an däitsch) ubidden.



## Logement

- Méi Sozialwunnenge bauen.
- Partenariat tëschent dem Staat an der BCEE fir Prête fir kënnen eng Wunneng ze kafen.
- Beim Kaf vum Terrain de Propriétaire verflichten no enger bestëmmter Period ze bauen.
- Präisser vun de Loyeren a Wunnenge begrenzen.
- Eng staatlech Immobilienagence schafen, déi fir d'Iwwerwaachung vun de Präisser zoustänneg ass, a Kooperatioun mat der SNHBM.
- Präisser vun de Wunnengen « à coût modéré » afréieren.



## Europa & Aussenpolitik

- Reduktioun vun de Militär-Bäiträg an Demilitariséierung.
- Lobbyléschten obligatoresch an ëffentlech maachen.
- Transnationalléschten a Spëtzekandidate bei den Europawalen aféieren.
- Ëmsetzung vun enger aktiver Sozialpolitik.
- Educatioun iwwer d'EU an de hire Fonctionnement stäerken.
- Europäesche Mindestloun gekoppelt un der lännerspezifescher Situatioun aféieren.





# Walprogramm 2018

Jonk Sozialiste
Lëtzebuerg
JS



## Mir wëllen …



…eng Politik, déi net de Sozialstaat ofbaut.

…en aktive Staat, dee jidderengem eng Garantie op e würdegt Liewe gëtt an deen aktiv d'Ongläichheeten ofbaut.

…e Staat, deen do op Dezentraliséierung setzt, wou et virdeelhaft fir de Bierger ass.

…e Staat, deen den Educatiouns-system un eis gesellschaftlech Evolutioun upasst.

…e Staat, deen de Logements-problem léist.

…e Staat, deen d'Verflechtung vun den eenzele politesche Beräicher erkennt.

…e Staat, deen d'Liewensqualitéit vun de Leit verbessert.

…e Staat, deen eng nohalteg Wirtschaft férdert, wou och un d'Wuelbefanne vun den zukünftege Generatioune geduet gëtt.







## Wirtschafts-, Sozial- a Fiskalpolitik (Gerechtegkeet…)

- Am Kontext vun der Digitaliséierung musse kleng- a mëttelgrouss Betriber (PME) ënnerstëtzt gi fir sech de Changementer unzepassen.
- « Economie sociale et solidaire » weider ënnerstëtzen an ausbauen.
- Teletravail un de Besoinen upassen.
- Jonker, déi eng Start-up wëlle grënne finanziell ënnerstëtze wärend der Ufanksperiod.
- Verréngerung vun der Aarbechtszäit op 35 Stonnen d'Woch bei gläicher Bezuelung.
- Räichenierfschaftssteier aféieren.



## Medien, Kultur, Sport

- En ëffentlechen TV-Sender schafen.
- E Guichet unique am Kulturministère aféieren.
- En « Observatoire des politiques culturelles » schafen.
- Professioneller vun der Kultur mat de Schoule vernetzen.
- Statut vum Héich-leeschtungssportler aféieren.









## Nohalteg Entwécklung an Dezentraliséierung

- Gratis ëffentlechen Transport.
- Biolandwirtschaft férderen.
- Keng Privatisatioun vun der Energieproduktioun.
- Economie circulaire férderen.
- De « PIB du bien-être » promouvéieren a valoriséieren.
- Centres médicaux schafen an esou de Gesondheetssystem dezentraliséieren.





## Jugend a Jugendschutz

- Kapassitéite vun de Centres sociaux-éducatifs mussen ausgebaut ginn.
- Kanneraarmut bekämpfen, déi laut UNICEF bei 22% läit.
- Mobbing a Suicide an der Schoul thematiséieren.
- Décrochage scolaire analyséieren an deem entgéintwierken.
- Streetworker systematesch asetzen.
- Walrecht ab 16 aféieren.



